# Invitatioun
# Assemblée générale 2025

Léif Memberen,

Mat dësem Message invitéiere mir Iech häerzlech op d'Assemblée Générale vun eiser Associatioun.

D'Versammlung fënnt statt:

Datum: **29.12.2025**

Auerzäit: **18:00**

Plaz: **Jugenrot 87, route de Thionville L-2611 Luxembourg**

Op der **Dagesuerdnung** sti folgend Punkten:

1. **Intro vum Comité**
2. **Rapport vun den Aktivitéiten säit der Grënnung**
3. **Aktivitéite fir déi nächst Zäit**
4. **Budget & Finanzen**

- Bilan
- Rapport vun den Keeseréviseuren
- Décharge vum Trésorier
- Wiel vun den néien Keeseréviseuren

5. **Divers**

- Oppen Diskussioun

6. **Opléisen vum ale Comité an opstellen vum neie Comité**

(Léit déi dem Comité bäitriede wëlle sollen sech am beschten am Viraus bei dem Comité mellen an zousätzlech matdeelen ob si un engem spezifesche Posten intresséiert wieren. Dëst soll dat ganzt just bësse vereinfachen, kann awer och op der AG selwer geschéien.)

7. **Schlusswuert vum neie Comité**

Mir freeën eis, Iech bei dëser Geleeënheet begréissen ze kënnen. Är Präsenz an Äre Bäitrag si wichteg fir d'Weiderentwécklung vun der Associatioun. Fir Gedrénks a kleng Snack ass natierlech och gesuergt.

Bei Froe kennt dir eis gären iwwer eis Kanäl op de Soziale Medien, eise WhatsApp Grupp oder eis E-Mail Adress (contact@alesps.lu) kontaktéieren.

Mat beschte Gréiss,

Félix Laures

ALESPS-Sekretär